N°4385
Entrée le 23.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°4385 vum 3. Juli 2026 vum honorabelen Députéierten Dan Biancalana a vum honorabelen Députéierten Ben Streff zum Sujet "Évolution des créances impayées des communes".**

**1. Wéi héich ass den totale Montant vum „état des restants" vun de Gemengen op nationalem Plang?**
Fir d'Joer 2024 gouf et en totale Montant vun "états restants" vun 22,94 Milliounen Euro (Fir d'Joer 2025 sinn d'Konnten nach net fir all d'Gemengen disponibel.).

**2. Wéi huet dëse Montant sech an de leschte Joren entwéckelt?**
Am Joer 2022 loung den Total vun den "états restants" bei 25,73 Milliounen an ass am Joer 2023 op 21,82 Milliounen erof gaangen.

**3. Ginn et däitlech Ënnerscheeder tëscht de Gemengen oder Regioune vum Land?**
Jo, et ginn däitlech Ënnerscheeder tëscht de Gemengen. Et ass een Zesummenhang festzestellen tëschent der Gréisst vun der Gemeng an der Héicht vun den "états restants". Bei grousse Gemenge sinn d'"états restants" generell méi grouss wéi bei klenge Gemengen.

**4. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert d'Grënn, firwat dës Montanten net bezuelt goufen?**
Zu dëser Fro huet de Ministère keng Informatiounen.

**5. Wéi héich sinn d'Käschte fir d'Andreiwe vun dëse Montanten, notamment fir Rappeller, Huissierskäschten oder juristesch Prozeduren?**
Zu dëser Fro huet de Ministère keng Informatiounen.

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN